piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Sport weiderzeleeden.**

Den ING Night Marathon ass ee vun de gréisste Sporteventer am Land a verlaangt all Joer e groussen Asaz vu Police, CGDIS an aneren ëffentleche Servicer, fir d'Sécherheet vun de Leefer:innen, den Zuschauer an dem Verkéier ze garantéieren. Schonn an de parlamentaresche Froen n°6332 an n°789 gouf op déi personell a finanziell Ressourcen higewisen, déi fir esou privat gesponserte Manifestatioune vum Staat a vun de Gemenge mobiliséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit vun der Police a vum CGDIS ware beim leschten ING Night Marathon am Asaz, a wéi vill Aarbechtsstonnen erginn sech heiraus?

2. Wéi héich waren déi geschate Gesamtkäschte fir d'Police an de CGDIS am Kader vum leschten ING Night Marathon?

3. Wéi vill vun dëse Käschte goufe vum Organisateur oder Sponsoren iwwerholl, a wéi héich war de finanzielle Bäitrag vum Staat respektiv vun de Gemengen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi vill Profit hunn d'Organisateuren vum ING-Marathon 2026 gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten